ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Mee 2018

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Banneminister weiderzeleeden.

An enger Situatioun, an där et ëm Liewen an Dout geet, ass et wichteg, all Asazgefier, dat eng séier Hëllefsdéngschtleeschtung garantéiere soll, esou ze equipéieren, datt all Eventualitéit, déi d'Hëllefsleeschtung zäitlech ausbremsen a behënnere kann, entgéintgewierkt gëtt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Här Minister gär folgend Froe stellen:

1. Sinn d'Asazgefierer, déi eng séier Hëllefsdéngschtleeschtung garantéiere sollen, – dorënner d'Ambulanz, de Pompjeeswon an de Policewon – mat engem Navigatiounssystem equipéiert? Wann nee, firwat net?
2. Huet d'Asazzentral eng Méiglechkeet, fir d'Verkéierssituatioun a „Real Time" ze verfollegen an de Gefierer am Asaz déi séierst Streck an eventuell Auswäichstrecke matzedeelen? Wann nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique